N° 3721
Entrée le 23.04.2026
Chambre des Députés

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé
et de la Sécurité sociale

Äntwert vun der Madamm Ministesch fir Gesondheet a sozial Sécherheet op d'parlamentaresch Fro n° 3721 vum 4. Mäerz 2026 vum honorabelen Deputéierten Här Marc Goergen.

*1. Huet d'Gesondheetsministesch mat hirem Ministère op den Hëllefruff vun der Famill reagéiert? Falls jo, wéi? Falls nee, wäert d'Ministesch reagéieren?*

Et sinn Aiden en place fir Persounen an hir Familljen finanziell ze ënnerstëtzen, déi Doheem eng Persoun mat enger extrem invalidéierend Krankheet betreien, déi et néideg mécht, dass dës Betreiung zu all Moment assuréiert muss ginn.

Dës finanziell Ënnerstëtzung, ass eng Ergänzung zu deene Leeschtungen a Mesuren, déi iwwer d'Gesondheetskeess (Krankeversécherung a Fleegeversécherung) oder vum Staat iwwerholl ginn.

D'Krittäre fir dës finanziell Ënnerstëtzung sinn net op d'Krankheete selwer baséiert, mee op d'Symptomer an d'Besoinen. Esou kann all Kand an Erwuessenen, mat enger extrem invalidéierend neurodegenerativ Krankheet, permanent a besonnesch grav neuromuskulär Erkrankungen, Krankheete vum autonomen Nervesystem oder vum Metabolismus, déi e permanenten a kontinuéierleche Suivi brauchen, oft och gekoppelt un d'Noutwennegkeet medezinesch Geräter ze benotze fir d'Iwwerliewen ze assuréieren, eng Ufro beim Ministère fir Gesondheet a sozial Sécherheet eraginn.

All Ufro gëtt vun enger interministerieller Plattform analyséiert an aviséiert, déi och aus medezineschen a net-medezineschen Experte besteet.

Well d'finanziell Belaaschtung substanziell ass, iwwerhëlt de Staat direkt d'Bezuele vun de Rechnunge vun de Fleegereseauen. Dës evitéiert, dass d'Familljen all Mount musse ganz héich Zomme virstrecken.

Lëtzebuerg, den 23. Abrëll 2026

D'Ministesch fir Gesondheet
a sozial Sécherheet

(s.) Martine Deprez